

Eisem systemrelevante Secteur de Réckstäipen

Agrarpolitesch Stellungnam vun der „Lëtzebuenger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. (LLJ)“ virgedroe vum Pol Wagner a Ben Schmitgen, Membere vum Aarbechtsgrupp Agrarpolitik

Léif Leit,

Et ass ewell gutt, datt mir esouwäit am Joer sinn, well dat Joer 2020 ass elo fir d’Kaz. Wa mir op dat Joer hei zrëckkucken, huet een Thema alles dominéiert, an dat war de Covid-19. Jo, de Covid-19 huet och de Baueren ze schafe gemaach, an och wa vill vun deem geschwat gëtt, sinn nach eng Hellewull u Saachen dobäi komm.

Mee, emol vu vir un: Op Buergsamschdeg dëst Joer hu mir den éischte Covid-Fall gehat. Fir d’Landwirtschaft war bis dohin alles zimmlech normal; mir hate genuch Reen an hunn drop gewaart, datt mir konnten an d’Felder fueren. Alles huet op e gutt Joer higewisen, de Maart war an der Rei an alles ass gelaf.

Mee de Buergsamschdeg huet awer d’Welt op d’Kopp gedréit. Esou si mir net méi spéit wéi 3 Wochen drop an de Confinement gaangen - ah nee d’Landwirtschaft net - mir hunn dierfe weider schaffen, wat elo och verständlech ass, well mir jo schliisslech een essentielle Secteur sinn. Mee d’Landwirtschaft huet awer net ewéi aner essentiell Secteure geklappt, mee direkt eng Woch drop vu Säite vun der Regierung eng gutt an d’Sabbel kritt.

Wat war geschitt, ewéi d’ganz Land am Lockdown war? D’Regierung huet decidéiert, d’Accisen um Agrardiesel - an och just op deem - an d’Luucht ze setzen, dëst mat der Behauptung, datt si eng Richtlinn vu Bréissel ëmsetze géifen. Mee, déi Geschichte kenne mir schon. Vun engem Dag op deen aneren ass den Diesel fir d’Baueren ëm een Drëttel vum Präis an d’Luucht gaangen, wat mat sech bréngt, datt den Duerchschnittsbetrib eleng duerch dës nei Accisen, Méikäschte vun iwwer 2.000 € pro Joer wäert hunn. Jo, dat war de richtege Moment am Confinement, wou och kee Bauer konnt op de Kierchbiere streike fueren, well soss wier dat zimmlech sécher geschitt. Direkt bei e puer Ministeren hu mir intervenéiert, mee dat war fir d’Kaz! Kee Minister huet sech dofir interesséiert!

Alt nees eng hanner d’Ouer fir d’Lëtzebuenger Baueren

Op de Betriber gouf weider geschafft an an der Chamber och: si sinn an de Cercle geplënnert an hunn do operationell geschafft, a frot net firwat nach séier déi lescht Dossiere vum CETA, dem Fräihandelsvertrage, duerch d’Chamber geboxt gi sinn. Jo a schon nees huet et geklaakt, schon nees eng an d’Sabbel fir d’Lëtzebuenger Baueren!

Stéchwuert CETA, och wa mir äis zu dësem Zäitpunkt am Klore sinn, datt hei näischt ka réckgängig gemaach ginn, wëlle mir dat eent oder anert Wuert heiriwwer verléieren. Éischtens kann et net sinn,

datt esou en elementar wichtege Vott an Zäite vun engem Etat de crise duerchgeboxt gëtt, op eng ondemokratesch Aart a Weis. Och wann Dir äis elo sot, datt duerch dëse Vott d'EU d'Méiglechkeet huet, Norme festzeleeën a matzebestëmmen, wéi eng Liewesméttel kënnen importéiert ginn. Dat ass alles schéin a gutt, awer leider net entscheidungsrelevant. Firwat? Mir sinn äis all eens, datt d'Produktiounsfacturen hei zu Lëtzebuerg, bedéngt duerch eis kleng Strukturen onvergläichbar si mam Rescht vun der Welt. Beim Glyphosat sollt eist Land Pionéier sinn, an dëst als Aushängeschëld fir d'Promotioun fir eis Landwirtschaft notzen, firwat si mir elo net genau esou avantgardistesche am Denke wat den Ceta-Accord ubelaangt?

De Confinement ass gelabbert ginn, an d'Hoffnung an der Landwirtschaft war grouss. Mee de Präis fir d'Schwäin war schon am Keller, dee vum Rëndfleesch och, respektiv ass een d'Rëndvéi, dat fäerdeg fir an d'Schluechthaus war, guer net lass ginn. Dobäi gouf et dunn och nach dréchen. Un déi Dréchent hate mir äis elo eigentlech schon an deene leeschte Jore gewinnt; dëst Joer huet awer erëm alles iwwertraff.

An aller guten Dinge sind drei, sou koum du bei de Schwäin, d'Schwéngspest an Däitschland derbäi, a beim Rëndvéi, d'Blozongekrankheet. Resultat: Dee ganzen Export ass gestoppt ginn an de Rescht vum Präis ass an e Koup gefall.

Mir Bauere goufen net am Ree stoe gelooss, d'Regierung huet ville Secteure gehollef an och d'Bauere sollten eppes kréien. Esou gouf de Secteur vum Ministère informéiert, datt si Mesuren ausgeschafft hunn. Dëst gouf dann dem Secteur iwwert eng Videokonferenz matgedeelt, nodeems am Virfeld Beichtstullgesprécher am Ministère gehale gi sinn.

Fir d'Schwéngsbetribler gëtt et 5.000€ bäi 67.000€ Verloscht pro Duerchgang; d'Wénzer kréien hire Bättrag beim Fonds de solidarité vun 100€ pro Hektar nogelooss, obwuel si eleng an der Lies méi ewéi dat Duebelt u Méikäschten hunn. D'Fleeschbéische stinn haut an de Betribler, well kee se wëll schluechten a musse weider mat deem Fudder, wat dëst Joer net do ass, gefiddert ginn. Déi Betribler kréien dann am Schnëtt eemoleg 2.000€.

A wat ass dann d'Bilanz vum Joer? D'Betribler kréien déi Suen, déi si duerch d'Accise verluer hunn, zeréck. Op enger grousser Pressekonferenz ginn déi Suen dann als Coronamesurë verkaaft. An der Realitéit huet de Bauer guer näischt kritt! Dat, wat bei den Accise méi bezuelt ginn ass, hu si zeréck kritt. An de Verloscht, deen duerch d'Dréchent, d'Blozongekrankheet, d'Schwéngspest an de Covid-19 entstanen ass? Dofir huet de Bauer näischt kritt! Esou gesäit d'Bilanz fir d'Bauern aus.

Mir fuerderen dofir vun Iech, Här Minister:

Éischtens, datt keng weider Accisen um Agrardiesel méi kommen, esoulaang Dir äis keng Alternativen ubidde kënnt, an datt déi vun dësem Joer op Äis geluecht ginn!

Zweetens, datt bei de Schwéngs- a Fleeschbetribler eng genau Analys gemaach gëtt, an datt déi Betribler substanzuell gehollef kréien; an net mat Almosen, wéi am Mëttelalter roueggestallt ginn!

Drëttens, keng weider Fräihandelsaccorde méi; vum Mercosur, guer net ze schwätzen!

A véiertens, e breeden Dialog iwwert all kommend Mesuren! A ville Punkten hu mir deen haut, mee esoubaal et ëm déi kritesch Punkte geet, menge mir ëmmer, de Ministère géif léiwer „Augen-zu-und-durch-Politik“ maachen.

Här Minister,

Gäre schwätzt Dir vun Ärer „Landwirtschaft Plus“. Dëse Begrëff zitt sech ewéi e roude Fue dem duerch Är Communiquéen. Wat genau mat enger „Landwirtschaft Plus“ gemengt ass, ass äis net kloer. Mee eppes ass kloer, an dat mierken d'Betriber dobaussen all Dag: et ass ëmmer méi dacks eng „Landwirtschaft Minus“ wa mir eis Bankkonte kucken. Systemwiessel jo, awer da muss och méi fir äis iwwreg bleiwen.

Dat leidegt Thema „Guichet Unique“: Zäiterspuernis net just fir de Bauer, mee fir all eenzelne Service

Komplizéiert an onverständlech Ufroe gehéieren zum Alldag vun de Baueren. Haut muss ee jo scho fäerten, wann ee Post kritt, well d'Bürokratie ass souwisou ee vun de gréissten Hindernisser fir de Bauer an der moderner Landwirtschaft.

Muss et dann och nach sinn, datt een, wann een nach d`Motivatioun fënnt fir eng Renovatioun, en Ëm-oder en Neibau ze maachen, virun déi onméiglech Aufgab gestallt gëtt, déi jeeweileg Autorisatioun bei all deene verschiddene Servicer a Verwaltungen unzufroen? Fir dann nom éischte Versuch, deen natierlech bei engem vun de Verantwortlechen net geneemegt gëtt, dat selwecht nach eng Kéier bei jidderengem ufroen ze mussen. Wäre et do net vill méi sënnavoll fir de Bauer a fir déi jeeweileg Servicer, wann et dofir géif een «Guichet Unique», mat enger eenzeger Telefonsnummer ginn? Dee Service géif e Rendezvous zesumme mam Bauer an deenen anere Servicer op der Plaz maachen, Problemer oder Hindernisser um Plang kéinten direkt bei der éischte Kéier vu jidderengem zesumme beschwat ginn. Dat ganzt Hin an Hier mat de Pläng an de Geneemegunge kéint sech doduerch erspuert ginn, an den onnéideg laange Prozess esou drastesch verkierzt ginn.

Zäiterspuernis net just fir de Bauer, mee och fir all eenzelne Service!

Simplification administrative: ëmmer nach aktuell

Leider musse mir, wéi schonn an deene leschte Joren, och dëst Joer nees iwwert dat selwecht an wierklech nervegt Thema vun der simplification administrative schwätzen. Mee leider ännert sech net wierklech eppes; zumindest net zum Positiven fir äis. Et muss een zwar elo de Flächenantrag online maachen, mee dofir gëtt dësen awer vu Joer zu Joer méi komplizéiert, well ëmmer nei an och méi Formularen domat verbonnen ginn, an am Endeffekt all Detail stëmme muss.

Wa mir elo iwwer déi nei GAP schwätzen, hoffe mir, datt eist Uleies dës Kéier net vergiess gëtt, an datt net erëm nei Ziedelen oder Kräizer dobäikommen, bei deenen een och net vergiessen dierf dës zu ënnerschiddlechen Zäitpunkten auszufüllen.

Wann dëst iwwert e Computerprogramm generéiert wier, deen op eventuell Froen direkt déi richteg Erklärung kéint ginn, wier villes méi einfach. Well mat deene komplexen Demandë fillt ee sech séier iwwerfuert oder fäert ze vergiessen; well schonn e klenge Feeler ka leider duerno grouss Suiten hunn. Virun allem, wann dann déi respektiv Gesetzer an Unträg reegelméisseg änneren, hëlleft engem dat net fir datt dës Problem manner grouss gëtt.

Baulandvertrag: Ofbremse vum Flächeverbrauch

An der aktueller Situatioun huet eist Land anscheinend keng aner Suergen, ewéi nach méi séier wäertvolle Buedem, op deem Liewesmëttel produzéiert kënne ginn, aus Bauerenhand ze rappen, fir dësen ze versigelen. Esou verléieren d'Bauern ëmmer méi hir Grondlag fir ze schaffen. Amplaz, datt d'Politik endlech emol eng nei Strategie erfënnt, wéi d'Zukunft vum Land soll ausgesinn, probéiere si op eng populistesch Manéier de Leit e méi bëllegt Wunnen ze versprechen. Dowéinst mussen d'Bauern an eis Natur dann nach méi séier wäichen, wouduerch de Problem sech dann nach verschlémmert, well déi verluere Flächen erëm duerch Uplanzen op guddem Buedem muss kompenséiert ginn.

Et ass dach een Hon, datt an der aktueller Klimasituatioun leider d'Liewesmëttelproduktioun nach ëmmer net wichteg ass. Do gesäit een, datt déi Duerstellung vun der Landwirtschaft als systemrelevante Secteur och nëmme waarm Loft war.

Wa mir elo ufänken nach méi séier alles ëmzeklasséieren, misste mir fir d'éischt emol gesot kréien, wou et fir de Bauer dann nach sécher ass, datt net gebaut oder kompenséiert gëtt. Virun allem fir jonk Baueren ass dëst e liewenswichtige Punkt fir d'Planungssécherheet an hire Betriber ze garantéieren. An engems misst och den iwwerdriwwene Flächeverbrauch emol gebremst ginn, well de Buedem net onendlech ass!!!

Mammekouhaltung: Suergkand vun der Lëtzebuurger Landwirtschaft

D'Halschent vun der landwirtschaftlecher Notzfläch ass Dauergréngland, wat net däerf ëmgeplout ginn. Dëst Gréngland ass och gläichzäiteg déi beschten Aart a Weis fir de Kuelestoff am Buedem ze bannen an ze halen. D'Gréngland kann awer just duerch Béischte sënnvoll verwäert ginn.

Net jidderee kann a wëll Mëllechproduktioun maachen. Fir eng diversifizéiert Landwirtschaft ze behalen, brauche mir eng staark Mammekouhaltung, net nëmme e puer wëll Extensivranner. D'Mammekouhaltung ass déi nohaltegt Form vu Véiwirtschaft. Si erlaabt et och, nach schwéier errechbar Hiwwelen ze notzen.

Si ass awer, am Géigesaz zu der Mëllechproduktioun, an deene leschte Joren ekonomesch an d'Hannertrefe geroden. D'Mammekou- an d'Schluichtprimm sinn an de Jeton agefloss a ginn haut no a no gekierzt.

Gläichzäiteg gëtt nach Reklamm géint d'Fleesch gemaach. Zu Lëtzebuerg ass an deene leschte Joerzénge eng staark Fleeschfilère - vun den Zichter, iwwer d'Produzente bis bei d'Vermaantung - opgebaut ginn. Et gëllt elo, déi Produktioun ofzesécheren, fir spéider net nëmme Mercosur-Fleesch um Teller ze hunn.

Wa mir net wëllen, datt d'Mammekouhaltung och eng Kéier zum groussen Deel an de Ställ stattfënnt, fuerdere mir:

Éischtens, eng Zort **Weedprimm**, ee finanzielt Sécherheitsseel, dat et erlaabt, d'Mammekéi konkurrenzfäeg ze halen a finanziell ofzesécheren, wat nieft dem opteschen Aspekt - datt d'Kéi op der Wiss lafen - och nach een ekologeschen Surplus huet!

Weider fuerdere mir eng **Stréihaltungsprimm**, well mir fir eng aartgerecht Stallhaltung vun de Kéi, zesumme mat de Kaalwer, op vill Stréi ugewise sinn!

Bedéngt duerch déi zu Lëtzebuerg éischer héich Käschten, wat d'Opzucht vun der Mammekou ugeet, gesi mir dës Ënnerstëtzen als urgent un, fir och kënne mat dem Fleeschpräis an der EU - an doriwwer eraus matzehalen.

Eis Regierung wëll op 100, Pardon, 20 % Bio bis (2025?) an der Landwirtschaft kommen. Well d'Mammekouhaltung no beim Bio läit, dierf et net de Fall sinn, datt dëst als Instrument geholl gëtt, nëmme fir ONREALISTESCH politesch Ziler ze errechen.

Mir fuerderen hei:

eng politesch Wäitsicht, fir eng stabil Vermaartung, souwuel an der Bio-, wéi och an der konventioneller Mammekouhaltung ze erhalen!

Biolandwirtschaft - Erausfuerderungen, Froen an Ziler

Deen ominöse Bioaktiounsplang ass endlech do! Leider versti mir ënner Plang eppes anescht, well e Plang soll prinzipiell de Wee zu engem Zil weisen. D'Zil ass kloer: Déi konventionell Landwirtschaft laangfristeg esou wäit ewéi méiglech op biologesch Landwirtschaft ëmstellen.

Mee, de Wee dohinner, ass nach ëmmer fragwürdeg - leider.

Iwwer genau Chifferen, wat de Pourcentage vun de Biobetriber 2050 ubelaangt, decidéiert wuel weder d'Politik, nach de Bauer mee eenzeg an eleng de Konsument. An deem Sënn appreciéiere mir, datt d'Promotioun vum Biosecteur un den Endverbraucher e wichtege Pilier vum Aktiounsplang ass. Hei misst een awer dann och konkret ginn!

Stéchwuert Konsument: Jo et läit eenzeg an eleng am Konsument senger Hand, wéi d'Landwirtschaft ausgesäit. Den Ëmfroen no, ass déi grouss Majoritéit vun äis bereet, e kleng Surplus auszeginn, fir beispillsweis Bioproduiten. Wann de Caddy dann awer virum Regal steet, iwwerweit leider gréisstendeels den Egoismus, fräi nom Motto „Gäiz ass gäil“

Wann dann nach bëllegt Mercusor-Fleesch am Rayon läit, dat ënner onvergläichbaren net-EU Norme produzéiert ginn ass - mam Deal dem Bolsonaro e puer Autoen bëlleg eriwuer ze verschëffen - da kann de Konsument emol duerchernee ginn, a mir Bauere virun allem extreem onzufrieden an enttäuscht vun der gerénger Wäertschätzung fir eise Sektour!

Fir dëst Kafverhalten an Zukunft ze vermeiden, brauche mir massiv Ënnerstëtzung vun der Politik, mir musse Marchéë schafen, fir regional a Bioproduiten, andeems mir de Konsument op de Wee guidéieren, wou mir him kloer maache wéi eng Repercussiounen et op Mënsch, Déier a Klima huet, wann de Choix am Supermarché op eng Entrecôte aus Argentinien fält!!

E weidere kritesche Punkt ass, datt d'Altersgrenz vu 65 Joer laut dem Bioaktiounsplang opgehewe ginn ass. Dëst heescht mat anere Wieder, datt et an Zukunft méiglech ass, als Pensionär weider vu Primmen ze profitéieren, ouni e Béischt ze halen. Mir kritiséieren dëst aus 2 Grënn a fuerderen, datt dëst onbedéngt iwwerduecht gëtt:

Éischtens, passt de Begrëff „Prämiesesselempfänger“ hei perfekt! D’Fro stellt sech ob, dës Moosnam am Aktiounsplang agefouert ginn ass, fir fiktiv méi Flächen um Pabeier biologesch ze bewirtschaften a soumat déi 20% ze errechen!?

Zweetens, ass dëst am Hibleck op d’Entwécklung vun de Betriber, déi jonk Baueren rezent iwverholl hunn, kontraproduktiv! Den Drock op d’Land gött doduerch nach méi grouss, well keng Fläche fräi ginn.

Wat sinn d’Erausfuerderunge vun der Biolandwirtschaft?

Méi Bio, dat heescht méi mechesch an alternativ „Bäikraut-Reguléierung“: D’Zil fir méi Bio hu mir verstanen, och wa leider den Ofsaz nach net do ass - mee dat ass eng aner Saach!

An der Ried zur Lag vun der Natioun huet den Här Bettel gesot, datt d’Regierung géif um Zil fir méi Bio festhalen. An därselwechter Ried huet een och erkläert, datt an Zukunft de Mazout wéinst der Klimasteier erëm 5 Cent pro Liter méi deier gött.

Dowéinst fuerdere mir, datt mir als Landwirtschaft dovun ausgeholl ginn. Op där enger Säit hätt ee gär déi mechesch Method fir de Klimaschutz an da gött där op der anerer Säit awer direkt erëm bestrooft!

An zweeter Linn misst d’Politik d’Biolandwirtschaft net direkt, mee indirekt fuerderen, andeems déi néideg Ofsazmäert geschaaft ginn!

Wa gewënscht ass, datt weider Betriber sech solle Gedanken iwver eng Ëmstellung maachen, ass et warscheinlech dee falsche Wee, Här Minister, op de Radio ze goen an ze fuerderen datt d’Bioproduite misste méi bëlleg ginn! Dësweidere muss garantéiert sinn, datt d’Biolandwirtschaft an eisem aktuelle Primmesystem, ënnert anerem den Agrarëmweltmoosnamen, kengesfalls méi defavoriséiert gött! D’Biolandwirtschaft brauch eng staark Stëmm an der Politik, et musse professionell Berodungs- an ekonomesch Simulatiounsmodeller erschafft ginn! Mir hoffen hei och op d’Éierlechkeet; et wär elo schued, wann op eemol all Gréngfläch, op där e Biodiversitéitskontrakt ass, eng Biofläch wär, an dat just fir um Pabeier en Zil ze errechen, wat an der Realitéit net de Fall ass.

Fir d’Ziler ze errechen, muss ee Visiounen hunn! Et gött kee landwirtschaftleche Bewirtschaftungssystem ouni Lacunnen! D’Zukunft läit an engem éischte Schrëtt net doranner fiktiv Zuelen an Zieler ëmzeformuléieren, mee déi bescht Aspekter aus der konventioneller an der biologescher Landwirtschaft mateneen ze kombinéieren. Esou entsteet laangfristeg eng nei Form vu Landwirtschaft, d’Hybridlandwirtschaft. Dëst ass en éischte Schrëtt, fir eis Landwirtschaft op ekologeschem Plang no vir ze bréngen! Deemno gött et aktuell an och an Zukunft kee gudden an kee schlechte Bauer!

Steierpolitik

Ee Punkt, dee mir scho méi ewéi eng Kéier op dëser Plaz ugeschwat hunn, ass d’Steierproblematik.

D’staatlech Bähëllef, op déi d’Bauern zeréckgräife kënnen, sinn - wa mir dat richtig verstinn - ursprüngelech geduecht, fir e gewësse Produktivitéitsnodeel auszegläichen, oder bei den Investitiounen, fir d’Produktiounskäschten niddreg ze halen, dëst alles mam Zil dem Konsument méi bëlleg Liewensmëttel offréieren ze kënnen.

Duerch deen ekologesche Faktor kommen eng Hellewull vu Moosnamen derbäi, duerch déi een da fir ee fräiwëllege Verzicht op eng gewësse Produktivitéit oder duerch méi héich Produktiounskäschten, entschiedegt gëtt. Dës Bähëllef fir FRÄIWËLLEG Programme sinn allerdéngs net steierfräi!

Eng weider Geschicht ass den zäitlechen Decalage, an deem d'Steiere mussen nobezuelen ginn. Huele mir hei ee praktescht Beispill: 2018 war fir d'Landwirtschaft e relativ gutt Joer, wou een e kleng Benefice verzechnen konnt. Dës Benefice gëtt dann awer, an deenen immens schlechte Joren 2019 oder 2020 versteiert. Wou soll een d'Suen hierhuelen, fir dës Steieren nozebezuelen, wann ee scho saisonal bedéngt, all Su muss zesummekrazen, fir d'landwirtschaftlech Produktioun weider um Liewen ze halen?

Här Minister, mir wëssen, datt Dir net eleng fir d'Steiere vum landwirtschaftleche Secteur responsabel sidd. Trotzdeem si mir zouversichtlech, datt op mannst déi staatlech Bähëllefen, hei denke mir virun allem un déi fräiwëlleg Programmer, an noer Zukunft steierfräi sinn.

Dir léif Leit, dëst sinn nëmmen e puer Thematiken, déi äis vun der LLJ ze bedenke ginn a mir si gespaant, wat Dir Här Minister, elo dozou sot.